

D'Regierung huet am Regierungsrat vum 25. Mäerz 2020, en Règlement grand-ducal deen vum Justizministère ausgeschafft gouf ugeholl, bei dem decidéiert gouf d'Delaien am juristesche Beräicher ze suspendéieren, sou wei verschidden aner prozedural Modalitéiten unzepassen.

Dës dréngend an direkt Moosnamen zielen zur Verhënnerung vun der Verbreedung vum COVID-19, woubäi d'Rechter an d'Interesse vum Bierger sécher sinn, huet d'Justizverwaltung déi néideg Moosnamen an dësem Stadium vun der Pandemie geholl. Engersäits fir e reduzéierte funktionelle Service ze garantéieren, an anerersäits fir sou gutt wéi méiglech d'Gesondheet vun all Mataarbechter ze schützen.

Dës Bestëmmunge goufen am Respekt zu der Verfassung an den internationalen Engagementer vu Lëtzebuerg geholl, a besonnesch konform zu eise Grondrechter.

Si goufen no de Critèrë vun der Noutwennegkeet a Proportionalitéit ugeholl. Dës Bestëmmungen erlabe besonnesch d'Rechter vun deene Leit ze secheren, déi sech mam Virus infizéiert hun, a sech leider net kennen deplacéieren well se medezinesch versuergt musse ginn. Eng allgemeng Bestëmmung suspendéiert all d'Delaien, déi an de Prozedure virun de Justiz-, Verwaltungs-, Militär- a Verfassungsgeriichter virgesi sinn. Den Text gesäit verschidden Ausname betreffend d'Fräiheetsréckzuch fir déi schnell Entscheedunge musse geholl ginn.

### **An administrativen Affären**

Am administrative Contentieux virun Verwaltungsgeriicht (Tribunal administratif) a Verwaltungshaff (Cour administrative) sinn déi fix Delaien, déi am Gesetz iwwer d'Organisatioun vun der Prozedur virun de Verwaltungsgeriichter (lois portant organisation et règlementant la procédure devant les juridictions administratives) stinn, bis op Weideres suspendéiert. Des gëllt fir d'Introductioun vu engem Recours, Acte d'Appell, an d'Austausche vu Memoiren an Dossieren.

Dës Suspensioun gëllt net fir d'Bestëmmungen a Saachen administrativer Haft fir Immigratioun an internationalem Schutz, wei et am Gesetz steet.

### **An zivilen a kommerziellen Affären**

An zivilen a kommerziellen Affären, sinn d'Delaie fir d'Mise en état suspendéiert.

An Failliten Affären, sinn d'Delaie fir Prozedur och suspendéiert. Dëst gelt och fir den Delai, vun engem Mount, wou d'Bestätegung vun der Insolvabilitéit (aveu de faillite) erkläert muss ginn.

D'Delaie fir den Appell, sou wei d'Oppositioun, sinn och suspendéiert.

An Saache vum Etat civil, ass den Delai vu 5 Deeg, dee bannent der Gebuertserklärung misst gemaach ginn och suspendéiert.

Fir den Acte de Mariage, besteet eng Méiglechkeet fir d'Dispens vun der Verëffentlechung vun der Hochzäitukënnegung ze froen, sou besteet keen Delai méi.

Eng spezifesch Dispositioun gesäit och fir d'Ophiewe vum Delai a Saache vun der Successioun, déi net un enger gerichtlecher Prozedur gebonnen ass. Et ass wichteg d'Rechter vun de Bierger z'erhalen, souwäit d'Liquidatioun vun der Successioun eng ganz formelle Prozedur mat ville Delaien ass.

Eng aner spezifesch Dispositioun suert fir d'Ophiewe vu Resiliatiounen a Saache Wunnengskontrakten (bail à loyer). Dës Moosnam vermeit dass d'Leit wärend dëser Kris net kennen op d'Strooss gesat ginn, wat besonnesch onmënschlech wier. D'Delaie fir d'Ausféierung vun de Resiliatiounen a Saache Wunnengskontrakten goufen och suspendéiert, sou wéi déi fir d'Saisien op d'Immobilien a d'Vente forcée.

#### **WILDGEN S.A.**

69, Bd de la Pétrusse | L-2320 Luxembourg

T.: (+352) 40 49 60 1 | F.: (+352) 40 44 09

E.: [lawyers@wildgen.lu](mailto:lawyers@wildgen.lu)

[www.wildgen.lu](http://www.wildgen.lu)

R.C.S. Luxembourg: B212946

VAT: LU-29245905

An engem separate Gesetzesprojet, deen deselwechten Dag vum Regierungsrat ugeholl gouf, ass geplangt fir den Delai vun dräi Méint fir d'Verëffentlechung vu konsolidéierte Konte vun der Gesellschaften ze verlängeren.

Dëst gëllt nëmme fir de Joeresexercice, deen um Datum vum Enn vun dem Krisenzoustand clôturéiert gëtt, an d'Frist fir Areechung a Verëffentlechung net bis den 18. Mäerz 2020 ofgelaf ass.

### **A Penal a penitentiäre Affairen**

Während dem Krisenzoustand, Demanden a Requêtes un déi verschidde Chamberen vum Conseil vun de Bezirksgeriichter (tribunaux d'arrondissement) sou wei déi vum Geriichtshaff (Cour d'appel) ginn op Basis vun enger schrëftlecher oder elektronischer Prozedur verurteelt, an ouni d'Presence vu Parteien, Affekoten an dem Ministère Public.

De Besoin fir d'Verbreedung vum Virus z'enthalen, sou wei d'Erhale vun de Mënscherechter, ass besonnesch wichteg am Prisongsmilieu. D'Verbreedung vum Virus huet d'Erstelle vun engem Noutplang an de Prisonge gemaach. Eng Begrenzung vu Sortien, Visitten an Aarbechtsaktivitéite gëtt ëmgesat a kompenséiert duerch elektronesch Kommunikatiounsmëttel wéi Telefonsapplikatiounen a Videokonferenzen. Dës Aschränkunge mussen awer proportional sinn, limitéiert an der Zäit a respektvoll am Kader vun der Mënschlechkeet.

Link vum Reglement grand-ducal: <http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2020/03/25/a185/jo>

Communiqué vum Justizministère